



N° 7538  
Entrée le 31.01.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 01.02.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Justiz weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op meng Question parlementaire n°7357 huet d'Ministesches geschriwwen, dass zum deemolegen Zäitpunkt insgesamt 388 Kanner a Jugendlecher duerch d'Gerichtsuerteeler vun deenen zwee Jugendgerichter an enger Institutioun placéiert waren.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesches dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun dëse Kanner sinn an Institutiounen am Ausland placéiert an ëm wéi eng Länner handelt et sech dobäi?
2. A wéi enge Fäll, respektiv aus wat fir enge Grënn, gi Kanner a Jugendlecher an Institutiounen am Ausland placéiert?
3. Firwat ginn dës Kanner a Jugendlecher an Institutiounen am Ausland placéiert an net hei zu Lëtzebuerg en charge geholl?
4. Wat geschitt mat der Garde, am Fall wou e Kand an enger Institutioun am Ausland placéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten





**Réponse de Madame la Ministre de la Justice, Sam TANSON, et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude MEISCH, à la question parlementaire n° 7538 du 31 janvier 2023 de l'honorable Député, Sven CLEMENT**

1. *Wéi vill vun dëse Kanner sinn an Institutiounen am Ausland placéiert an ëm wéi eng Länner handelt et sech dobäi?*

Den *Tribunal de la Jeunesse* vun Dikrech suivéiert aktuell d'Situatioun vun 12 Mannerjärege déi am Ausland placéiert sinn, dëst op Basis vun enger « *mesure de garde provisoire* », engem Placement duerch e Jugement oder enger « *mesure de congé* ». Déi betreffend Länner sinn Däitschland, d'Belsch, Ungarn, Italien, Portugal a Rumänien.

Den *Tribunal de la Jeunesse* vu Lëtzebuerg suivéiert aktuell d'Situatioun vun 41 Mannerjärege, déi am Ausland placéiert sinn. Déi Mannerjäreg si bei enger Persoun (oder Institutioun) am Ausland placéiert, op Basis vun enger *mesure de garde provisoire* oder engem Urteel.

Am Prinzip fannen déi Placementer an enger Institutioun an Däitschland an an der Belsch statt. Bei Placementer an anere Länner (Frankräich, Italien, Griicheland an Spuenien) ginn oft « *mesures d'encadrement individuel* » mat engem oder e puer Accompagnateuren ënner der Responsabilitéit vun enger Associatioun geholl.



	Tribunal de la Jeunesse de Luxembourg	Tribunal de la Jeunesse de Diekrich
Placement an enger Fleegefamill/bei engem Familljemember	4 Mannerjäreger	1 Mannerjäreger
Placement an enger Institutioun	5 Mannerjäreger (an enger Institutioun)  3 Mannerjäreger (an engem individuelle Projet, woubäi 1 iwwer d'Majoritéit eraus prolongéiert gouf)	4 Mannerjäreger (dovun 2 Prolongatioune bis 21 Joer)
<i>Mesures de congé / condition du placement</i>	13 Mannerjäreger (an enger Institutioun, woubäi 1 iwwer d'Majoritéit prolongéiert gouf)  16 Mannerjäreger (an engem Projet individuel, woubäi der 5 iwwer d'Majoritéit prolongéiert goufen)	7 Mannerjäreger
Total	41	12

Fir all déi jonk Erwuessen, bei deenen d'Protectiounsmesure iwwer hir Majoritéit erausgeet, gëllt et ze präziséieren, datt déi Prolongatioun op Demande vum Jonken op enger fräiwëlleger Basis berout.



2. *A wéi enge Fäll, respektiv aus wat fir enge Grënn, gi Kanner a Jugendlecher an Institutiounen am Ausland placéiert?*

D'Grënn fir en Hebergement am Ausland si ganz verschidden. Et kann sech zum Beispill ëm Fäll handeln, wou de Mannerjärege en charge geholl gëtt vun engem nostoende Familljember, well seng Elteren sech net méi kënnen ëm d'Kand bekëmmern. An anere Fäll handelt et sech ëm en Auslandsprojet, fir dem Mannerjärege ze erlaben, e Liewensprojet op d'Been ze setzen, respektiv fir sech vun deem ongesonden Ëmfeld ze distanzéieren, an deem en sech grad befënnt. Déi Zort Projete sinn oft vu kuerzer Dauer.

An deene meeschte Fäll hunn déi Jonk, déi an d'Ausland placéiert ginn, eng schlëmm Vergaangenheet erlidden. Dëst weist sech duerch Verhalensstéierungen oder psychesch Troublen, engem delinquente Verhalen oder dem Suchtverhalen no illegale Substanzen. Déi Mannerjärege brauchen dowéinst eng intensiv an individuell sozio-pedagogesch an/oder therapeutesch Betreierung, déi op hir spezifesch Besoinen ageet.

3. *Firwat ginn dës Kanner a Jugendlecher an Institutiounen am Ausland placéiert an net hei zu Lëtzebuerg en charge geholl?*

All Mannerjärege, deen am Ausland hebergéiert ass, gouf virdrun zu Lëtzebuerg vun Institutiounen en charge geholl (Ophuelstrukturen, Jugendpsychiatrie). Et stellt sech awer eraus, datt déi Prise en charge zu Lëtzebuerg aus diverse Grënn net duergeet, z. B. opgrond vun de spezifische Besoine vum Jonken oder dem Manktem u Ressourcen.

Wéinst de sepezifische Bedürfnisser vun de Mannerjärege fir eng intensiv Prise en charge virun allem um therapeutesche Plang, op där enger Säit, an dem Feele zu Lëtzebuerg vu Strukturen, déi eng intensiv pedagogesch oder therapeutesch Prise en charge verlaangen (ë. a. enger Jugendforensik) op där anerer Säit, sinn d'Tribunaler zu Lëtzebuerg gezwongen, fir eng Prise en charge am Ausland unzufroen.

Op Grond vu ville spezifische Bedürfnisser, ass et zu Lëtzebuerg net ëmmer méiglech, op all Besoin eng passend sozio-pedagogesch an/oder therapeutesch Äntwert ze ginn. Dobäi kënnt, datt déi raimlech an zäitlech Trennung, déi duerch eng Auslandsmoosnam geschafe gëtt, oft néideg ass fir d'Gelénge vum Projet.



4. *Wat geschitt mat der Garde, am Fall wou e Kand an enger Institutioun am Ausland placéiert gëtt?*

Wann de Mannerjären am Ausland placéiert ass, sief et iwver eng *Mesure de garde provisoire* oder en Urteel, da gëtt d'Autorité parentale un d'Institutioun transferéiert oder un d'Persoun, déi de Mannerjären en charge hält, esou wéi et am Artikel 11 vum Jugendschutz virgesinn ass.

Wann eng temporaire *mesure de congé* ugefrot gëtt oder eng Konditioun am Kader vun engem Placement imposéiert gëtt, da bleift d'Autorité parentale trotzdeem bei der Institutioun, an där de Mannerjärege placéiert ass.

Lëtzebuerg, den 07. März 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson